D'REGIERUNG
VUM GROUSSHERZOGTUM LËTZEBUERG
Ministère fir auswäerteg an europäesch
Ugeleeënheeten, Verdeedegung,
Entwécklungszesummenaarbecht an Aussenhandel

Äntwert vum Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht an humanitär Ugeleeënheeten, a Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Här Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n°4888 vum éierbaren Deputéierte Här Paul Galles

1. **Wéi bewäert d'Regierung déi aktuell humanitär Situatioun zu Oleshky? Huet si Kenntnis vu konkrete Beméiungen, fir Zivilisten aus Oleshky an den Ëmgéigenden ze evakuéieren?**
2. **Steet d'Regierung an dësem Kontext am Austausch mat den ukraineschen Autoritéiten, dem Internationale Comité vum Roude Kräiz, de Vereenten Natiounen oder aneren internationale Partner? Wa jo, wéi eng konkret Schrëtt goufen an dësem Zesummenhang bis elo ënnerholl?**
3. **Wéi bewäert d'Regierung d'Méiglechkeet, datt Lëtzebuerg sech, bilateral oder zesumme mat sengen europäeschen an internationale Partner, fir e sécheren an onbëhennerten humanitären Zougang zu Oleshky an eng sécher Evakuatioun vun der betraffener Zivilbevëlkerung asetzt?**
4. **Am Hibléck op d'Erklärung vun der Europäescher Union vum 1. Oktober am permanente Rot vun der OSZE, wéi eng weider diplomatesch Initiativen op europäeschem oder internationalem Niveau kéint d'Regierung ënnerstëtzen, fir déi humanitär Situatioun zu Oleshky konkret ze verbesseren?**

D'Regierung steet an enkem Kontakt mat den ukraineschen Autoritéiten, dem Internationale Comité vum Roude Kräiz an de Vereenten Natioune fir sech iwwert déi humanitär an d'Sécherheetssituatioun an der Ukrain auszetauschen.

D'Lëtzebuerger Rout Kräiz, a Collaboratioun mam Ukrainesche Roude Kräiz, ass am "Oblast" (Provënze) vu Kherson aktiv, zu dem och d'Stad Oleshky gehéiert. Allerdéngs ass den Accès op Oleshky net méi méiglech. D'humanitär Situatioun zu Oleshky, wéi och an aneren ukrainesche Stied, ass eng schwéier a sech verschlechterend Kris.

Säit dem Ufank vum Krich ënnerstëtzt Lëtzebuerg den Internationale Comité vum Roude Kräiz, d'Ukrainescht Rout Kräiz an verschidden UN Agencë mat humanitärer Hëllef. Och in-*kind Donations* si schonn un d'Ukrainer iwwerreecht ginn.

Lëtzebuerg, den 5. November 2026

Minister fir Entwécklungszesummenaarbecht
an humanitär Ugeleeënheeten

(s.) Xavier Bettel